N° 5983
Reçue le 24.03.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.03.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

D'Kinnéksfamiljen an der Belsch souwéi an Holland hunn decidéiert, fir ukrainesch Flüchtlingen a verschiddene vun hire Gebaier opzehuelen. Aktuell befannen sech zu Lëtzebuerg ronn 3000 Mënschen aus der Ukrain, zousätzlech zu de Flüchtlingen, déi aus anere Regioune schonn hei am Land sinn. All Plaz, déi een hei am Land kann ubidden, ass wichteg.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Kenntnis dovun, dass och d'groussherzoglech Famill plangt, verschidde vun hire Gebaier fir Flüchtlinge bereetzestellen?
2. Wäert de Premierminister mat der groussherzoglech Famill kucken, ob Raimlechkeeten, déi de Grand-Duc vum Staat fir seng Funktiounen zur Verfügung gestallt kritt, kéinte fir Flüchtlingen opgemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

N°5983
Reçue le 28.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5983 vum 24. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN iwwert den « hébergement de demandeurs de protection internationale dans des immeubles appartenant à la Famille grand-ducale »

D'Regierung confirméiert, datt d'groussherzoglech Famill eng Wunneng aus hirem Privatbesëtz zur Verfügung gestallt huet fir ukrainesch Flüchtlingen eng Wunnméiglechkeet ze offréieren.

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL